PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Justiz weiderzeleeden.

An engem Interview mat der lëtzebuergescher Dagespress zum Thema Dateschutz beim Staat gëtt de Minister zitéiert mat de Wieder « Datenschutz ist keine Steuerreform, die an einem bestimmten Tag in Kraft tritt ».

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi verdréit dës Ausso sech mam Artikel 99 vum RGPD, dee seet:

   Article 99
   Entrée en vigueur et application
   1. Le présent règlement entre en vigueur le vingtième jour suivant celui de sa publication au *Journal officiel de l'Union européenne*.
   2. Il est applicable à partir du 25 mai 2018.

2. Ass et dem Minister seng Interpretatioun, datt den RGPD zënter dem 25. Mee 2018 trotz dem Artikel 99 fir Lëtzebuerg keng bannent Gëltegkeet huet?

3. Firwat huet d'Regierung sech net *en amont* vum Akraafttriede vum RGPD a Konformitéit mat den Ufuerderungen un den Dateschutz gesat a mécht dat elo eréischt *ex post*, esou datt een aktuell an enger Situatioun ass, an der ee mat potentiellen Infraktiounen einfach weiderfiert?

4. Fir d'Ausso aus der Presse ze ënnermaueren: Wéi vill Verstéiss géint den RGPD vu staatlecher Säit aus sinn dem Minister zanter dem 25. Mee 2018 bekannt? Goufen dës bei der CNPD oder aneren Autoritéite gemellt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député